

Äntwert op de Bréif vum Lex Roth vum 4. Mäerz 2015

## Ech bedauern de Lex Roth an entschëllege mech net, datt et mech gött

Léiwten, a wéinst Äre Verdéngschter ëm d'Lëtzebuurger Sprooch, geschätzten Här Roth.

Ech hu keng Zäit a Loscht, meng Äntwert mat méi oder manner gescheiten Zitater vu fransésische Genereel oder chinesesche Philosophen ze ënnerfidderen, mä ech wëll Iech soen, datt Äre Lieserbréif mech sou richtig vum Stull gerappt huet.


Ech resuméiere mol: Dir konstatiéiert datt well, also 70 Joere nom Krich, e Rapport iwwer d'Behuele vis-à-vis vun de jüddesche Leit an der Nazizäit virläit.

Ech si frou doriwwer, ma Dir schéngt dat ze bedauern – firwat och ëmmer.

Da sidd Dir rosen, datt do „nëmmen“ d'Beamte kritiséiert géifen an net d'fräi Beruffer. Obwuel de Vincent Artuso zum Schluss vu sengem Rapport och op d'Veefeelunge vun Notairen, Fiduciairen asw. ageet, wëll ech Iech do Recht ginn. Mä den Optrag vun der Uni Lëtzebuerg un de Vincent Artuso war numol, just d'Verhale vun der Verwaltungskommissioun ze ënnersichen an net fir vun Hëppsches op Dëppsches ze sprangen.

Eng direkt Hëllef vu Lëtzebuurger fir hir jüddesch Matbierger ass et mat Sécherheet och ginn. Ech weess et nëmmen ze gutt, well mäi Papp bal dräi Joer zu Beefort vun enger klenger Bauerefamill am Heeknapp verstoppt gouf. Ma et schéngt, wéi wann hien och den allereenzege Judd zu Lëtzebuerg an deem Fall gewiescht wier! Dës Thematik meritéiert och mol, vun Historiker ënnersicht ze ginn, mä dofir de Rapport Artuso unzschwären – dat kann ech net novollzéien.

Ech iwwersprange mol Äre onnëtz Attack op déi wëssenschaftlech unerkannten Aarbecht vum Lucien Blau, fir Iech ze informéieren, datt et zwar keen Drancy zu Lëtzebuerg gouf, ma dofir



Vum Klouschter Cinqfontaines aus goufen eng 300 Judden a Vernichtungslager transportéiert.  
(FOTO: MARC WILWERT)

awer de Klouschter Cinqfontaines, vu wou aus eng 300 Judden a Vernichtungslager transportéiert goufen. Ech muss dovun ausgehen, datt Dir, wéi leider och déi allermeeschte gutt Lëtzebuurger, nach ni eppes dovun héieren hutt. Consultéiert dach mol ënner anerem [www.memoshah.lu](http://www.memoshah.lu)!

An da schreift Dir op eng Kéier, datt de Chirac no 60 Joer „d'Judden-Affaire riichtgebéit“ hätt. Aha! An d'Chamber oder de Xavier Bettel duerfen dat net mol 70 Joer duerno ze maachen? Dobäi huet Dir awer net gegrommelt, wéi de Léon Zeches sech fir d'Wort, de Bëschof sech fir d'kathoulesch Kierch an de Buergermeeschter vun Déifferdeng sech fir d'Administratioun vu senger Gemeng entschëllegt huet...

Et geet an Ärem Bréif da lëschtteg weider mat egal wat. Dir sot: Lëtzebuerg hat keng eege Waffen-SS. Ma jo, dofir hate mir awer alt 1500 net gezwonge Krichsfräiwelger. Ma déi ëmmerhi relativ grouss Zuel ass de Preise wuel net duer gaangen en eegent Bataillon oder Regiment opzesstellen. Doraus awer e Beweis vu

korrektem Verhalen ze bastelen, ass dach eng Grimmel gewot.

Dir sot zu Recht, datt den Antisemitismus iwwerall am 19. an am 20. Joerhonnert uerg war, an haut nach an der Ukrain, Polen a Russland (souwäit braucht Dir guer net ze lafen) géing existéieren. Jo an? Ass domat den Antisemitismus hei zu Lëtzebuerg – wou jo nach 2013 um Veiner Miertchen „lëschtteg“ Lidder gebläert goufen – an dee mëttlerweil duerch de Rapport Artuso bewisenen Antijudaismus ewech?

Huet de Rapport Artuso oder soss ee behaupt, datt d'Lëtzebuurger Vollek Juddenhaasser waren, wieren oder sinn? Ganz einfach Neen! Dir braucht eist Vollek, vu gëschter oder vun haut, also net géint Saachen ze verdedegen déi him net virgeworf ginn. Wat awer Äre Temoignagen ugeet, do géif ech Iech härezech bieten a mech immens freeën, wann Dir déi dach endlech publizéiere géift. Och déi déi net op eng Kouhaut ginn an Iech vun engem Mann erzielt goufen, deem 80 Prozent vu senger Famill am Holocaust verluer hat. Dee Mann, deem nom Krich, iwwerall „Judd-Sieg“ genannt

gouf an doriwwer nëmme frëndlech gegrinst huet. Dës Gespréicher erëmzege wier sécher méi nützlich wéi sou e Lieserbréif ze schreiwen, an deem Dir drëm biedelt, datt dach op kee Fall de Premier sech entschëllegt.

Dobäi huet weder de Consistoire nach soss e Judd dat bis well gefrot! Et war den Historiker Serge Hoffmann, dee menges Wëssens net der mosaescher Relioun ugehéiert, deem d'Fro vrun dräi Joer an engem oppene Bréif un de Premier Juncker opgeworf huet. Dat gouf da vun aneren Historiker wéi dem Renée Wagener an dem Denis Scuto opgegraff. De Ben Fayot an de Serge Wilmes sinn doriwwer an der Chamber intervenéiert. Och d'asbl MemoShoah wollt, datt dës Tabu-Thema endlech opgeschafft sollt ginn. Wat hutt Dir, Här Roth, eigentlech dogéint?

Mä wéi deem och ass: Vun Entschëllegungen, a scho guer net vu falschen oder erzwongen, hu meng zwou Bomien an déi 1200 Judde vu Lëtzebuerg, déi am Holocaust ëmbruecht goufen, net vill. Mais encore! Wéi ass et da mam moraleschen Aspekt, wann Dir wësst wat ech mengen, Här Roth.

Mengt Dir wierklech, datt et richtig ass: „... am Respekt fir eis Märtyrer, Resistenzleit, Refraktären, Deportéiert, gefalen a geschanten Zwangsrekrutéiert, Maquisarden“ sech net am Numm vum Lëtzebuurger Vollek ze entschëllegen? Firwat setzt Dir de Misär vum Holocaust a Kontradiktioun zu aner Affergruppen? Et géif ee bal mengen, datt Dir, an aler Traditioun, d'Judden iwwerhaapt net als Lëtzebuurger akzeptéiere wëllt! Net iwwerraschend wann ee weess, datt bis d'lescht Joer d'Judden net mol op d'Journée de la commémoration nationale invitéiert goufen! Bossegerweis hutt Dir och ganz Kategorie wéi Zigeiner, Zeie Jehovas oder d'Homosexuell an

Ärer pathetescher Opzielung vergiess. Déi gehéieren an Ären Ae wuel och net zum Lëtzebuurger Vollek.

Här Roth, mat dëser Polemik probéiert Dir, bewosst oder onbewosst, der Regierung an dem Parlament, onsen net selwerenannte Volleksverrieder, eng Zweckmillchen ze bauen, nom Motto: Sinn ech fir d'Opschaffe vun der Juddeverfolgung an der Geschicht vum Zweete Weltkrich, da sinn ech géint eist Land, eist Vollek!

Nujee, schëtt Iech roueg selwer Äschen iwwer de Kapp, ma w.e.g. net déi aus de KZ-Krematorien, et kinnten e puer Lëtzebuurger Affer dobäi sinn!

Ech ka lo och nach ganz aartlech un déi 14 Lëtzebuurger am Polizeibataillon 101 erënneren. Mat grousser Sécherheet hunn déi gehollef, zegdausende Judden ze ermuerden – a Synagogen a Scheieren hu si se lieweg verbrannt, vru selwer gegruewe Lächer erschoss. Dës ganz „normal Männer“ aus Lëtzebuerg sinn dunn nom Krich meeschtens an de Staatsdéngecht opgeholl ginn, wou der e puer vun hinnen eng impressionant Carrière gemaacht hunn. Duerno hu si ouni Entschëllegung oder Bedauern hir fënnfsechstel Pensioun genoss – natierlech ënner Urechnung vun de Krichsjoeren.

An da schreift Dir, Här Roth: „... als Vollek brauche mir kengem“ (wee mengt Dir eigentlech domat?) „zu Kräiz ze kréichen“. Macht dat och besser net, soss fänkt de Judd deem dorop hänkt op eng Kéier un de Kapp iwer Iech an Äre Lieserbréif ze rëselen.

Henri Juda,  
Präsident MemoShoah  
Luxembourg asbl

De Lieserbréif „Bedauern, jo – mä keng kollektiv Entschëllegung“ vum Lex Roth kann op [wort.lu](http://wort.lu) an der Rubrik Dossiers/Leserbriefe nogelies ginn.